



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/01/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun, Aarbecht, Digitalisatioun & Administrativ Reform weiderzeleeden.

Mam Aféiere vum REVIS duerch d'Gesetz vum 28. Juli 2018 si Bedéngungen a Kraaft getrueden, déi den Erhalt vum Aarbechtslosegeld un eng Réi vu Konditiounen bannen. Ënnert dëse Konditiounen, déi am Artikel 2 vum viru genannte Gesetz ze fanne sinn, steet ënnert dem Punkt e), datt een als Viraussetzung fir de REVIS bezéien ze kennen, muss als Demandeur d'Emploi bei der ADEM ageschriwwen sinn. Verschidde Bierger an Associatiounen hunn eis allerdéngs informéiert, datt d'Waardezäiten fir de REVIS unzefroen doduerch immens laang sinn, well ee bei der ADEM fir d'Aschreiwung als Demandeur d'Emploi e puer Woche bis iwwert ee Mount op ee Rendez-vous waarde muss, wann een sech als Demandeur d'Emploi aschreiwéi well.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

- Wéi eng Hëllefsmoosname ginn enger Persoun, déi vum REVIS liewe misst, dësen awer net bezéie kann, well se sech bei der ADEM eréischt a méi wéi engem Mount aschreiwéi kann, zur Verfügung gestallt?
- Wat sinn d'Ursaache fir déi laang Waardezäite bei der ADEM? Sinn d'Grënn fir déi laang Waardezäiten op ee Personalmangel, eng ineffizient Organisatioun vun der ADEM oder eng Augmentatioun vun den Aarbechtsichenden zréckzeféieren? Falls d'Héicht vun Aarbechtsichenden e Gronn fir déi aktuell Waardezäiten ass: Wéi ass dës Augmentatioun virum Hannergrond vun der aktuell gudder wirtschaftlecher Situatioun vu Lëtzebuerg ze erklären?
- Op d'Donnéeë vun deene lëschten 3 Méint (November 2018, Dezember 2018, Januar 2019) bezunn an opgeschlësst nom Standuert vun der ADEM Agence, wéi laang muss eng Persoun am Schnëtt (ausgedréckt an Deeg) waarde fir sech als Demandeur d'Emploi bei der ADEM kënnen aneschreiwéi, oder, anescht ausgedréckt, wéi vill Deeg leien tëscht dem Huele vum Rendez-vous an der Aschreiwung? Falls den Här Aarbechtsminister dës Statistiken net huet: Wisou empfënnt hien et net als opportun dës Donnéeën zum Fonctionnement vum Service vun der ADEM ze erhiewen?
- Ass de Minister fir Digitalisatioun & Administrativ Reform net der Meenung, datt d'Aschreiwung bei enger staatlecher Agence, wéi der ADEM, iwwert Guichet.lu kéint gemaacht ginn? Ginn et an deem Zesammenhang Pläng fir déi öffentlech Servicer – dorënner och d'Aschreiwung bei der ADEM – op enger digitaler Plattform unzebidden? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/01/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun, Aarbecht, Digitalisatioun & Administrativ Reform weiderzeleeden.

Mam Aféiere vum REVIS duerch d'Gesetz vum 28. Juli 2018 si Bedéngungen a Kraaft getrueden, déi den Erhalt vum Aarbechtslosegeld un eng Réi vu Konditioune bannen. Ënnert dëse Konditioune, déi am Artikel 2 vum viru genannte Gesetz ze fanne sinn, steet ënnert dem Punkt e), datt een als Viraussetzung fir de REVIS bezéien ze kennen, muss als Demandeur d'Emploi bei der ADEM ageschriwwen sinn. Verschidde Bierger an Associatiounen hunn eis allerdéngs informéiert, datt d'Waardezäiten fir de REVIS unzefroen doduerch immens laang sinn, well ee bei der ADEM fir d'Aschreiwung als Demandeur d'Emploi e puer Woche bis iwwert ee Mount op ee Rendez-vous waarde muss, wann een sech als Demandeur d'Emploi aschreiwéi well.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

- Wéi eng Hëllefsmoosname ginn enger Persoun, déi vum REVIS liewe misst, dësen awer net bezéie kann, well se sech bei der ADEM eréischt a méi wéi engem Mount aschreiwéi kann, zur Verfügung gestallt?
- Wat sinn d'Ursaache fir déi laang Waardezäite bei der ADEM? Sinn d'Grënn fir déi laang Waardezäiten op ee Personalmangel, eng ineffizient Organisatioun vun der ADEM oder eng Augmentatioun vun den Aarbechtsichenden zréckzeféieren? Falls d'Héicht vun Aarbechtsichenden e Gronn fir déi aktuell Waardezäiten ass: Wéi ass dës Augmentatioun virum Hannergrond vun der aktuell gudder wirtschaftlecher Situatioun vu Lëtzebuerg ze erklären?
- Op d'Donnéeë vun deene lëschten 3 Méint (November 2018, Dezember 2018, Januar 2019) bezunn an opgeschlüsselt nom Standuert vun der ADEM Agence, wéi laang muss eng Persoun am Schnëtt (ausgedréckt an Deeg) waarde fir sech als Demandeur d'Emploi bei der ADEM kënnen aneschreiwéi, oder, anescht ausgedréckt, wéi vill Deeg leien tëscht dem Huele vum Rendez-vous an der Aschreiwung? Falls den Här Aarbechtsminister dës Statistiken net huet: Wisou empfënnt hien et net als opportun dës Donnéeën zum Fonctionnement vum Service vun der ADEM ze erhiewen?
- Ass de Minister fir Digitalisatioun & Administrativ Reform net der Meenung, datt d'Aschreiwung bei enger staatlecher Agence, wéi der ADEM, iwwert Guichet.lu kéint gemaacht ginn? Ginn et an deem Zesammenhang Pläng fir déi öffentlech Servicer – dorënner och d'Aschreiwung bei der ADEM – op enger digitaler Plattform unzebidden? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu